LOUTRES NEWS



Nov. Dec. Nummer 2/2017/2018

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

Disney camp vum 16-19 dezember

fnel scouts & guides

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

Loutres News N°02 2017/18

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Cheffen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegendrock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Mersch
Tel: 32 74 58
Gsm : 621 613 285
E-mail: anderschmit@web.de

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu
info@scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

fnel scouts & guides

Invitatioun op eis Assemblée Générale

« Les Loutres de Mersch A.SB.L. » invitéiert Iech ganz häerzlech op hier Generalversammllung

Freides den 17.November 2017

em 19h30 am Home um Haardter Wee

Mir géifen eis freeën Iech alleguer begréissen ze dierfen.

Um Ordre du Jour steht Folgendes:

-Begréißung duerch de President

-Rapport vum Groupe

-Rapport vum Sekretär

-Rapport vum Trésorier

-Rapport vun den „Reviseurs de Caisse“

-Décharge vum Komitee

-nei Komiteesmëmberen

-Projets2017

-Divers

Duerno géifen de Komité an d’Cheffen sech fréen Iech op engem Patt an engem Bréidchen méi noo kennen léieren ze dierfen.

Wien well, däerf wéi all Joers gäer een drëschenen Kuch matbréngen.

Mir sichen emmer Memberen fir an de Komité. Wann dir drun interesséiert sidd matzeschaffen, meld Iech w.e.g.per email op niccon@pt.lu

Beaver

Salut Beaver!

Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz an sidd lo voller Motivatioun fir an déi zweet Halschend vum eischten Trimester ze starten. E puer Beaver hunn dëst Joer hier Montée an d'Wëllefcher gemach, mee dofir kruten mir nei Verstärkung. ☺

Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00. Mir ginn oft mat den Kanner eraus, **onofhänngech vum Wieder**, dofir **dot hinnen ëmmer Gezäi un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.**

Programm vum 1. Trimester

11. 11 Halloween-Party – Verkleed an Versammlung kommen

18. 11 Versammlung

25. 11 Versammlung

2.-3. 12 Kreschtmaart (verpass net de Klesien Samstes)

09. 12 Versammlung

16-17. 12 Kreschtcamp DISNEY (fir Beaver just 2 Deeg)

Wann's du net an d'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann mellt ierch weg. per SMS.

Deng Cheffen

Malak (Paul) 621157585
Barry(Jacquie) 621433486
Blubb (Rony) 621750157

Wëllefcher

Wëllef, Wëllef!

Matt dësem gefëlltem Programm starten mir an den zweeten Deel vum 1. Trimester. Mir hoffen dir sidd mat voller Energie dobäi.

Programm vum 1. Trimester

11. 11	Halloween-Party – Verkleed an Versammlung kommen
18. 11	Versammlung
25. 11	Versammlung
2.-3. 12	Kreschtmaart (verpass net de Klesien Samstes)
09. 12	Versammlung
16-19. 12	Kreschtcamp DISNEY

Scouten a Guiden

Programm 2017-2018

28/11-5/11	Vakanz
11/11	Versammlung mam Jacquie, (Fakelen maachen)
18/11	Bastel vir den Kreschtmaart
25/11	Baakversammlung vun 14:00-17:30
2/12-3/12	Kreschtmaart
9/12	BA Kichelcher am Altersheem verdeelen (Bestätegung an mei genau Infoen kritt da per Mail no soubaal ma eng Entwert vum Alterheem kruten)
16-19/12	Kreschtcamp DISNEY
16/12-1/1	Vakanz

an hei schon e Ableck fir 2. Trimester

6/1	Schwammversammlung 14:00-17:00
13/1	Leadership Sortie
20/1	Badgerversammlung
27/1	Tauschspill
3/2	Schlittschongsortie
10/2-18/02	Vakanz
17/02	Sortie

Vergiess net dech bei dengen Cheffen ofzemellen wann s du net an d'Versammlung kanns kommen. Merci :)

Scoutscheffen

Recht Philippe CT	691 812 917	mr_recht929@hotmail.com
Jennifer Vosman CT	621 6621 14	jenny_vosman@hotmail.de
Carissia Demoutiez CT	691 727 569	cdemoutiez@gmail.com
Pierre Prichearts ACT	621 738 748	prickp@hotmail.de
Felten Jhang ACT	621 790 389	jhang.felten@gmail.com

Programm 1. Trimester

Salut Explorer!

No enger laanger Vakanz hunn mer eis rëm erholl an sinn rëm voller Energie vir dat éischt Trimester an Ugrëff ze huelen. Hei ass den Programm vun deenen nächsten Wochen.

21.-22. Okt 2017	Montée
28. Okt – 5. Nov	Vakanz
17. Nov 2017	AG Loutres
18. Nov 2017	Versammlung
25. Nov 2017	ExplorerHike FNEL
2.-3. Dez 2017	Chrechtmaart
9. Dez	Sortie mat den HOGA
16.-19. Dez 2017	Chrechtcamp

Eis Versammlungen sin, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home.
Wann een net kommen kann soll en sech wegl oofmellen.

Mich Grüneisen – RUE (691 328 916)
Louis Watgen – ARUE (621 224 079)

EXPLORER HIKE - FNEL

Loscht een Dag mat den **Explorer** aus dem ganze Land e flotten Hike duerch den Uelzechtdall ze maachen?

Da verpass net den **Explorer Hike den 25 November 2017**

Start ass um 9:30 zu Walfer op der Gare,

hei ass och um **17:30 de Schluss**

Du brauchs just dem Wieder ugepasste Kleeder, gutt Schong, eng Gamelle an dain Bidon

Käschten belaafen sech op **9€ a gin op der Platz bezuelt**

Du kanns **eleng oder mat der ganzer Unitéit** matgoen

Umellen muss de dech bis den **19.11** ënnert explorer@fnel.lu

Kreschtmaart den 2. an 3.12.17

Samstes vun 17 - 01 Auer

Sonndes vun 11 - 18 Auer

fnel scouts & guides

Les Loutres de Mersch

www.fnel.lu / T.: +352 26 480 450

Weinzoosis mat Moschterzoos a Brout

Panecher a Schoki Gromperenzopp

Glühwein, Beier, Softdrinks

Kommt bei ons op der Mëchelsplaatz laanscht a schmaacht eis lecker Saachen bei gudder Stëmmung.

fnel scouts & guides

Salut Beaver, Wëllef, Scouten, Guiden an Explorer

Dat grousst Maerechersbuch vun Disney gouf verhext, sou dass een Charakter sech an enger Geschicht verluer huet an alles op d'Kopp geheit !Mir wessen net genau ween a net genau wei doweinst, kommt alleguerten him hellefen sech zereckzefannen an rem hien oder hat an seng Welt ze brengen.

Wéini an Wou: **16.-19. Dezember 2017 zu Weicherdeng**

RDV: den 16. Dezember um 14 Auer zu Miersch op der Gare

Retour fir d'Beaver : den 17. Dezember um 17 Auer zu Weicherdeng (Rue Tony Bourg, 100 L-9775 Weicherdange)

Retour fir all dei aaner: den 19. Dezember um 16 Auer zu Miersch op der Gare

Mathuelen: Schlofsak, Pyjama, Gamelle, Besteck, Becher, Kichenduch, Biergschong, Turnschung, Schlappen, Waarmt Gezei, dem Wieder ugepasst (Ersatz Kleeder), Ënnerwäsch, deck Strëmp, Wäsch Saachen (Zännbiischt etc), Schwammsaachen, Wanter Jackett, Mutz, Händchen, Schaal, Uniform a Foulard (um RDV), Täscheluucht, evtl.Täschemesser, dem Wëllefchen seng 5 Saachen resp Scoutsbichelchen an gudd Laun.

Zuchticket wanns de 13 Joer oder mei hues - an alles wat s du nach sou fir en Camp brauchs.

Unmellen: Beim Carissia Demoutiez Tel: 691727569 oder op www.scouts-loutres.lu bis den 11. Dezember 2017

Präis: Beaver: 25 € - all dei aaner: 100 €
Iwerweis weg Suen bis **den 13. Dezember 17** op de Kont „Les Loutres Mersch" **CCPL LU97 1111 0731 7537 0000** mat der Mentioun „Kreschtcamp 2017" an „Numm vum Kand"

Lenks Patt, deng Cheffen